


Ännerungen am neie Bauterreglement géint de Wëlle vun der Buergermeeschtesch gestëmmt



Säit Jore schonns war d'Pompele vun Ofwaasser zu Leideleng am Résidentiel strikt verbueden. Et ass richteg, dass ee säin Ofwaasser am beschte gravitär an de Kanal féiert, mee an e puer Fäll ass dat och zu Leideleng net méiglech, z. B. dann, wann en Terrain méi déif läit wéi de Kanal. Duerch esou e Verbuet war et deene betraffene Proprietär.innen net méiglech, z.B. am Keller och nëmmen e Lavabo virzegesinn, respektiv huet ee

misse staark an d'Topographie agräifen, fir datt d'Haus héich genuch steet.

Well dat an eisen Aen net méi zäitgeméiss ass, hu mer am Kader vun der Ofstëmmung iwwert dat neit Bauterreglement eng Motioun mat der Fuerderung era ginn, datt d'Pompele vum Ofwaasser an Ausnahmefäll erlaabt gëtt, sou wéi dat och zu Bartreng oder Jonglënster de Fall ass. D'Majoritéit war sech

ënnert sech net eens a wéi et dunn zur Ofstëmmung komm ass, hunn de Schäfte Jean-Paul Sunnen an d'Conseillère Christiane Schmit-Hamen eis Motioun matgedroen. Doduerch gouf eis Motioun zesumme mat eise 4 Stëmme uegholl. Déi eenzeg Géigestëmm ass vun der Buergermeeschtesch Diane Bisenius-Feipel selwer komm, woumat se net nëmmen am Gemengerot, mee och an hirer eegener Equipe zimmlech eleng do stoung. De Schäfte Raphael Gindt an de Conseiller Tom Berend hu sech enthalen.

Nodeems d'Conseillère Schmit-Hamen sech am Gemengerot vehement géint e Verbuet vun de Parklifter ausgeschwat hat – e Punkt, deen eis och en Dar am Ae war – hu mir och hei eng entspreichend Motioun abuecht an si opgefuerdert, d'Motioun mat eis ze stëmmen an esou dëst Verbuet ze kippen. D'Conseillère Schmit-Hamen, awer och de Schäfte Sunnen, sinn eiser Fuerderung nokomm, sou datt och dës Motioun mat 6 Stëmme uegholl gouf (bei 3 Enthaltungen). Et ass meeschtens net einfach, déi vill Parkplazen, déi beim Bau vun neie Logementer zu Leideleng obligatoresch sinn, all ënner ze kréien. Parklifter kënnen hei sécherlech fir Verbesserung suergen.

Donieft hat emerschonns an den Aarbechtssätzungen am Virfeld eng Rei Fuerderungen duerchgesat kritt. Heizou zielt ënner anerem, datt d'Mindestgréisst vu Wunnenge vu 35 op 30 m² erof gesat gëtt, wat um iwwehëtzte Wunnengsmaart net onwichtig ass, an datt d'Fassad vun neie Residencë mat natierlechen oder mineralesche Produiten isoléiert muss ginn an net méi mat Styropor. Dofir hu mir dat definitiivt neit Bauterreglement och matgedroen, wat du schliisslech unanime gestëmmt gouf.

Lou Linster



Den neie Leidelenger PAG ass endlech a Kraaft



Léif Leidelenger Biergerinnen a Bierger,

D'Waarden huet en Enn: No Viraarbechten, déi schonns ugangs den Nullerjoren ënnert dem Buergermeeschter Fernand Conter ugefaangen hunn an déi och vum Rob Roemen weidergedriwwen goufen, ass den neie Leidelenger PAG (Plan d'aménagement général) den 22. September 2021 endlech a Kraaft getrueden. Dësen erlaabt et eiser Gemeng, sech – vum urbanistesche Point de Vue aus gesinn – an déi richteg Richtung ze entwéckelen an dréngend néidege Wunnraum ze schafen. Et ass probéiert ginn, datt den Duerfcharakter vu Leideleng och an Zukunft erhalte bleift.

De PAG kann awer Feeler, déi an der Vergaangenheet gemaach goufen, nëmme ganz ageschränkt behiwen an op deene Plazen, wou den Duerfcharakter schonns virun 30 Joer a méi verluer gaangen ass, wäert och den neie PAG dësen net zeréckbréngen. Leider ass d'Iddi, fir den Iwwergang tëscht dem Duerf an der Aktivitéitszon Rue de la Poudrerie, wou grouss Bürosgebaier nieft Eefamilljenhaiser stinn, méi fléissend ze gestalten, de Reklamatiounen zum Affer gefall. Hei huet den éischten Entworf virgesinn, eng Zone mixte ze maachen, wou Commerce, Handwierk a Wunnen Hand an Hand gaange wieren, eppes wat déi meeschte betraffene Proprietär.innen net acceptéiere wollten.

Am Numm vun der ganzer Equipe vun Zesumme fir Leideleng wënschen ech Iech an Ärer Famill schéi Feierdeeg, e gudde Rutsch a virun allem eng gutt Gesondheet.

Lou Linster
Gemengeconseiller

Plusieurs amendements du nouveau règlement sur les bâtisses votés contre la volonté de la bourgmestre

Depuis des années, le pompage des eaux usées était strictement interdit dans les bâtiments résidentiels à Leudelange. Certes, il vaut mieux évacuer les eaux usées dans les canalisations par gravité, mais dans certains cas, cela n'est pas possible, p.ex. lorsque le niveau du terrain à bâtir est inférieur à celui de la canalisation. Suite à cette interdiction, les propriétaires concerné-e-s n'avaient p.ex. pas la possibilité de prévoir un lavabo au sous-sol ou il fallait faire des travaux de terrassement de grande envergure, afin que le niveau de la maison soit assez élevé.

Vu les moyens techniques disponibles de nos jours, une telle interdiction n'a à nos yeux plus de raison d'être. Par conséquent, nous avons introduit une motion pour permettre exceptionnellement le pompage des eaux usées, comme cela est déjà le cas à Bertrange ou à Junglinster. Les membres de la

majorité n'ont pas pu se mettre d'accord entre eux et lors du vote, l'échevin Jean-Paul Sunnen et la conseillère Christiane Schmit-Hamen ont soutenu notre motion. Ensemble avec nos 4 votes, la motion a donc été approuvée. Seul la bourgmestre Diane Bisenius-Feipel a voté contre. L'échevin Raphael Gindt et le conseiller Tom Berend se sont abstenus.

Lors du conseil communal, la conseillère Schmit-Hamen s'est exprimée contre l'interdiction de parklifts, un point qui pour nous n'était pas acceptable non plus et nous avons immédiatement introduit une motion dans ce sens. Nous avons invité la conseillère Schmit-Hamen à voter en faveur de cette motion pour lever l'interdiction des parklifts, ce qu'elle a fait par la suite. Ensemble avec le vote de l'échevin Sunnen et nos 4 votes, cette motion a également été approuvée avec 6 votes pour (3 abstentions). Il n'est souvent pas facile d'intégrer

toutes les places de parking obligatoires lors de la construction de nouveaux logements. Les parklifts peuvent certainement améliorer la situation.

À part cela, nous avons pu imposer un certain nombre de changements au nouveau règlement sur les bâtisses dans les réunions de travail organisées au préalable. Ainsi la taille minimale obligatoire d'un logement a été réduite de 35 à 30 m², un changement important au vu de la crise du logement au Luxembourg. Autre exemple est l'obligation de revêtir les façades des nouvelles résidences avec des isolants naturels ou minéraux au lieu d'isolants chimiques. Par conséquent, nous avons voté en faveur du nouveau règlement sur les bâtisses remanié, qui a donc été approuvé à l'unanimité.

Lou Linster

Le nouveau PAG de Leudelange enfin en vigueur

Chers concitoyennes et concitoyens de Leudelange,

Finalement, après des travaux préparatoires qui ont commencé il y a déjà une vingtaine d'années sous les bourgmestres Fernand Conter et Rob Roemen, le nouveau plan d'aménagement général (PAG) de Leudelange est enfin entré


en vigueur le 22 septembre 2021. Celui-ci permettra à notre commune de se développer dans la bonne direction en ce qui concerne l'urbanisme et de créer de nouveaux logements, qui sont fortement recherchés dans tout le pays. Le PAG doit assurer la conservation du caractère villageois de Leudelange également à l'avenir.

Mais le nouveau PAG ne peut redresser les erreurs des 40 dernières années, le caractère villageois ayant disparu partiellement. Malheureusement l'idée de concevoir de manière plus fluide la transition entre le village et la zone d'activités Rue de la Poudrerie, où des maisons unifamiliales

côtoient de grands immeubles de bureaux, a dû être abandonnée suite à de nombreuses réclamations. Une première version du PAG y prévoyait l'aménagement d'une zone mixte avec des commerces, de l'artisanat et des habitations, ce que la plupart des propriétaires concerné-e-s ne voulaient pas accepter.

Au nom de toute l'équipe de Zesumme fir Leideleng (ZfL, Ensemble pour Leudelange), je vous souhaite, à vous et à votre famille, de bonnes fêtes et surtout une bonne santé.

Lou Linster, Conseiller communal



Den Héichwaasserschutz wäert eis an den nächste Joren nach vill beschäftegen

Jean-Pierre Roemen

Foto: Shutterstock.com

An eiser Gemeng ware besonnesch d'Leit um Schléiwenhaff vun de groussen Iwwerschwemmungen de 4. Juni an de 14. Juli betraff. An enger schréftlecher Fro un de Schäfferot, wollte mir ënner anerem wëssen, wéi vill Haiser concernéiert waren, wéi héich de Schued vun den Iwwerschwemmunge war a wien dofir zoustänneg ass, fir d'Baache reegelméisseg ze botzen. Doriwwer eraus hu mir nogefrot, ob d'Réier, duerch déi d'Baachen ënner der Rue de la Gare, der Rue Gruefwiss an der Rue Schléiwenhaff lafen, adaptéiert sinn, fir esou Quantitéiten u Waasser opzehuelen an ob et net néideg wier, fir Réckhaltebecke bei d'Baachen ze installéieren. Och wollte mer wëssen, ob d'Gemeng Aidé fir déi betreffen Awunner.inne virgesäit.

D'Buergermeeschtesch huet eis geäntwert, datt virun allem d'Leit aus der Rue de la Vallée an der Rue Schléiwenhaff betraff waren. D'Gemeng huet keng Donnéeën doriwwer, wéi héich de Schued ass. D'Baachen Bowent a Gruefwiss sinn **no** den Iwwerschwemmunge gebotzt ginn. Dëst wäert an Zukunft och reegelméisseg gemaach

ginn – eng Aufgab, déi normalerweis dem Waasserwirtschaftsamt (AGE) zoufällt. E Bureau d'études ass mandatéiert ginn, fir a Kollaboratioun mat der AGE eng Impaktstudie ze realiséieren, an déi och d'Auswierkung vun der Nopeschgemeng Reckeng op der Mess, déi méi héich läit, mat abezu solle ginn. D'Kanalisation wier fir esou Quantitéiten u Waasser net ausgeluecht, wat allerdéngs néirens am Land de Fall ass. Weider Réckhaltebecken (de Moment gëtt et just eent am Domaine Eelchesgewan) kéinten awer en Deel vun der Léisung sinn. Dat soll an der Impaktstudie gekläert ginn.

De Gemengerot huet unanime e Subside fir Héichwaasserschutzmesurë gestëmmt. Privatleit kréie pro Mesure, déi si op hirem Terrain realiséieren, e Subside an Héicht vun 20% vun de Käschten. Dëse Subside ass op 5.000€ plafonéiert. Mir wäerten um Ball bleiwen, fir datt no der Impaktstudie esou séier wéi méiglech weider Mesurë realiséiert an doduerch an Zukunft d'Auswierkung vun esou enger Katastroph op e Minimum reduzéiert ginn.

La protection contre les inondations restera un sujet d'actualité les prochaines années

Dans notre commune, les habitant·e·s du Schléiwenhaff surtout étaient concerné·e·s par les pluies diluviennes du 4 juin et du 14 juillet. Dans une question écrite adressée au collège des bourgmestre et échevins, nous voulions entre autres savoir combien de maisons étaient inondées, quelle était l'ampleur matérielle et financière des dégâts et qui est responsable du nettoyage régulier des ruisseaux. Nous avons demandé également si les canalisations qui traversent les ruisseaux de la rue de la Gare, de la rue Gruefwiss et de la rue Schléiwenhaff sont dimensionnées pour supporter de telles quantités d'eau et s'il ne fallait pas

envisager l'aménagement de bassins de rétention. Finalement, nous avons posé la question si la commune prévoyait des aides pour les habitant·e·s concerné·e·s.

La bourgmestre nous a répondu, que surtout des maisons dans la rue de la Vallée et la rue Schléiwenhaff étaient concernées. La commune n'a pas de données sur l'ampleur matérielle des dégâts. Les ruisseaux « Bowent » et « Gruefwiss » ont été nettoyés **après** les crues. Ce nettoyage sera fait régulièrement à l'avenir, une tâche qui en principe incombe à l'Administration de la

gestion de l'eau (AGE). Un bureau d'études a été mandaté pour réaliser une étude d'impact en collaboration avec l'AGE dans laquelle les impacts de la commune de Reckange-sur-Mess, qui se trouve à un niveau plus élevé, seront également considérés. Les tuyaux de la canalisation ne sont pas dimensionnés pour capter de telles masses d'eau, ce qui n'est cependant le cas nulle part dans le pays. Des bassins de rétention supplémentaires (actuellement il n'y en a qu'un seul, celui-ci se trouve dans le Domaine Eelchesgewan) pourraient cependant être un élément de la solution. Ceci sera déterminé lors de l'étude prémentionnée.

Le conseil communal a voté à l'unanimité un subside pour la réalisation de mesures de protection contre les inondations. Les citoyen·ne·s obtiendront pour chaque mesure réalisée sur leur terrain un subside de 20% des coûts plafonné à 5.000 € par mesure. Nous veillerons à ce que des mesures supplémentaires contre les inondations soient mises en place le plus rapidement possible après la réalisation de l'étude d'impact.

Jean-Pierre Roemen



Patrick Calmus

Holzbau – D'Gemeng muss mam gudde Beispill virgoen!

Während beim Bëton vill CO2 während der Produktioun ausgestouss gëtt (d'Zement-Produktioun ass fir bal 8% vun de weltwäiten CO2-Emissiounen verantwortl), ass et beim Holz ëmgekeiert: D'Beem späichere während hirem Wuesstem CO2. Andeems Holz als Baumaterial genotzt gëtt, déngt et als laangfristegen CO2-Späicher. Holz ass durabel a suergt fir en exzellente Raumklima. Sécherlech ass d'Plange vun engem Holzbau méi opwänneg wéi bei engem konventionelle Gebai aus Bëton, mee dofir erlaabt et, séier ze bauen an et ass e regionalen an nowuessende Rostoff. Eleng d'Gemeng Leideleng ass Proprietär vun 358 ha Bësch. Dëse Baustoff wiisst deemno virun eiser eegener Hausdier. Holz eegent sech fir praktesch all Zort vu

Sportshalen oder Schoulen. Just fir den ënnerierdeschen Deel vun engem Gebai eegent Holz sech net.

Holz ass am Lëtzebuurger Bausektor ëmmer nach e Nischeproduit an dowéinst ass et an eisen Ae wichteg, datt d'Gemengen hei mam gudde Beispill virginn an hir Responsabilitéit fir ëmweltbewosst, ästhetesch an héichwäerteg Bauen iwwerhuelen. Aus dëse Grënn hu mir de Schäfferot an enger Motioun dozou opgefuerdert, Holz beim Bau vun neie Gemengegebaiern als Baumaterial ze favoriséieren. De Schäfferot gesäit zwar an, datt Holz eng gutt Alternativ ass, mee wollt awer kee klore Statement fir den Holzbau ofginn an huet dofir géint eis Motioun gestëmmt.

Constructions en bois – La commune doit donner l'exemple !

Lors de la production du béton, de grandes quantités de CO2 sont émises dans l'atmosphère (la production du ciment est responsable pour presque 8% des émissions globales de CO2). Pour le bois, c'est l'inverse : Lors de leur croissance, les arbres stockent du CO2. En utilisant le bois comme matériau de construction, le bois sert de stockage de CO2 à long terme. Le bois est un matériau durable et assure un climat intérieur excellent. Certes, le procès de planification d'un bâtiment en bois dure plus longtemps que celui d'un bâtiment en béton, mais le bois permet de réduire nettement le temps de construction et il s'agit d'une matière première renouvelable et régionale. Ainsi, la commune est propriétaire de forêts d'une surface totale de 358 ha. Le bois peut être utilisé comme matériau de construction pour la partie hors-sol de pratiquement chaque type de bâtiment, comme p.ex. un hall sportif, une école ou une habitation.

Dans le secteur de construction luxembourgeois, le bois est encore un produit de niche et à nos yeux, il est important que les communes donnent l'exemple et assument leur responsabilité pour construire de manière durable, esthétique et qualitative. Pour ces raisons, nous avons introduit une motion au conseil communal invitant le collège échevinal à favoriser le bois comme matériau de construction pour les nouveaux bâtiments communaux. Le collège échevinal concède que le bois est une bonne alternative, mais ne veut pas donner d'engagement clair pour favoriser le bois à l'avenir, raison pour laquelle il a voté contre notre motion.

Patrick Calmus

Foto: Shutterstock.com





De Chantier an der Rue de la Gare ass besser iwwert d'Bün gaangen, wéi dat bei der Rue du Lavoir de Fall war a konnt och méi séier wéi geplangt ofgeschloss ginn. D'Kommunikatioun a punkto Stroosspärung war allerdéngs net ëmmer optimal an zemoos am Ufank waren d'Deviatoune net ëmmer kloer gezechent, wat mir méi wéi eng Kéier am Gemengerot signaléiert hunn.

Net schlecht gestaunt hu mer awer, wéi de Schäfferot am Fréijoer annoncéiert huet, datt de Chantier ronn 661.000 € (+ 40%) méi deier géif gi wéi virgesinn. Wärend den Erklärungen vum zoustännegen Ingenieurbüro huet sech erausgestallt, datt verschidde Saachen net esou wéi ursprénglech geplangt ëmgesat konnt ginn, respektiv Méikäschen duerch Ännerungswünsch vum der Gemeng entstanen sinn. Duerch eng besser Planung hätt sécherlech en Deel vun de Méikäschen kënnen evitéiert ginn.

Explosion des coûts du chantier de la rue de la Gare

Le chantier dans rue de la Gare s'est déroulé d'une manière plus coordonnée que celui dans la rue du Lavoir et a pu être achevé plus rapidement qu'initialement prévu. La communication concernant les routes barrées n'a pourtant pas été optimale. Surtout au début du chantier, les

déviations n'étaient pas toujours clairement indiquées, ce que nous avons signalé à plusieurs reprises au sein du conseil communal.

Au printemps, le collège échevinal a annoncé un dépassement du budget initial de 661.000 €

(+40%). Lors des explications du bureau d'études en charge, il s'est révélé que plusieurs choses n'ont pas pu être réalisées comme initialement prévu et une partie des coûts supplémentaires est due à des demandes de modification de la part de la commune. Nous restons convaincus qu'une

partie de ces coûts supplémentaires aurait pu être évitée avec une meilleure planification.

Marcel Jakobs



Budget 2022: L'augmentation de l'impôt foncier permet d'équilibrer le budget

Comme chaque année, de nombreux projets mentionnés dans le budget depuis deux, trois ou quatre ans y figurent de nouveau, comme p.ex. la création d'un cimetière forestier (depuis 2018) ou la transformation de la terrasse de la brasserie du Centre sociétaire (depuis 2020). Parfois il y a des raisons externes, mais il semble que le collège échevinal manque régulièrement de détermination pour réaliser enfin l'un ou l'autre projet. 5 millions d'euros sont prévues pour l'achat d'objets immobiliers, sans que le collège échevinal ait voulu révéler de quoi il s'agit exactement. Ainsi, il ne peut pas être critiqué par la suite, au cas où ces transactions n'auraient pas lieu.

Le budget 2022 prévoit un certain nombre de dépenses utiles, comme les 510.000 € pour le réaménagement de la rue Pëssendall ou les 230.000 € pour réaliser notre idée de logements pour jeunes. Nous saluons que notre revendication de longue date pour augmenter l'impôt foncier pour les entreprises et de baisser en contre-parti l'impôt

commercial a finalement été mise en œuvre. Ceci augmente les recettes de la commune de 2 millions d'euros, sans pour autant causer des dépenses supplémentaires pour les entreprises.

Nous avons proposé les amendements suivants pour modifier et améliorer le budget :

- Réalisation de mesures dans le cadre du pacte climat
- Aménagement d'un chalet en forêt
- Augmentation du montant pour l'acquisition de terrains en zone verte pour la réalisation de mesures augmentant la biodiversité

Nos amendements ont été rejetés par la majorité. Par conséquent, le budget a été adopté par les 5 voix de la majorité contre les 4 voix de l'opposition.

Lou Linster

Wéi och schonn an de vergaangene Joren, stinn och dëst Joer nees vill Projeten am Budget, déi schonns säit zwee, dräi oder véier Joer do opdauchen an nach ëmmer net realiséiert goufen. Dozou zielt z. B. de Bëschkierfecht (säit 2018) oder de Reamenagement vum der Terrass vum der Brasserie an der Eech (säit 2020). Sécherlech ginn et heiansdo extern Ursachen dofir, datt Projeten net direkt ëmgesat ginn, mee et schéngt, wéi wann et dem Schäfferot des Efteren un der néideger Determinatioun feelle géng, fir deen oder dëse Projet endlech unzegoen. Dobäi kënn, datt 5 Mio. € virgesi sinn, fir Immobilien ze kafen, ouni datt de Schäfferot awer wollt erklären, ëm wat genee et sech dobäi genau handelt. Op dës Manéier kann een dann och net kritiséiert ginn, wann et net klappt.

Et sinn awer och 2022 eng Rei sënnvoll Ausgaben am Budget virgesinn. Sief et 510.000 € fir d'Neimaache vum der Rue Pëssendall oder och 230.000 €, fir eis Iddi vum Jugendwunnen ze realiséieren. Mir

begréissen, datt eis laangjäreg Forderung, fir d'Grundsteier fir d'Betribler erop- an am Géigenzuch d'Gewerbesteier erfzesetzen, endlech ëmgesat gouf. Dat spullt ronn 2 Mio. € pro Joer zousätzlech an d'Gemengekeess, ouni awer d'Betribler zousätzlech ze belaachten.

Ë. a. follgend Amendementer hu mir proposéiert, fir de Budget ze änneren an esou ze verbessern:

- d'Kreatioun vum engem Budgetsposten, fir Klimapakt-Mesuren ze realiséieren
- d'Virgesi vum engem Montant, fir e Chalet am Bësch ze amenagéieren
- d'Erhéijung vum Montant, fir d'Terrainen an der Zone verte ze kafen fir esou Biodiversitéits-Mesuren ëmzesetzen

Eis Amendementer goufe leider vun der Majoritéit verworf, wouropshi mer géint de Budget gestëmmt hunn. Dëse gouf awer mat 5 zu 4 Stëmme ugeholl.

Lou Linster



Foto: stock.adobe.com

D'Reegel ass kee Luxus: Gratis Menstruationsproduiten an den ëffentleche Gebaier vun der Gemeng Leideleng

Nathalie Entringer



D'lescht Joer huet Schottland als éischt Land op der Welt e Gesetz gestëmmt, duerch dat all ëffentlech Gebaier mat gratis Menstruationsartikelen equipéiert ginn. Domat schaaft dat brittescht Land en neit Grondrecht, dat fundamental fir Egalitéit an Dignitéit ass. Net seele kënn et nämlech vir, dat virun allem jonk Fraen nëmme schwéier Zougang zu dese fir si indispensable Artikelen hunn – sief et duerch feelend finanziell Mëttel oder duerch Scham. Net seele kënn et och virun allem bei jonke Frae vir, dat d'Reegel onerwaart asetzt, des net ëmmer en entsprecheden Artikel dobäi hunn a sech an der Nout mat anere Mëttel aushëllef mussen. Dat ass net nëmme mat engem Gefill vun der Hëlleflosegkeet, virun allem vun immenser Scham verbonnen.

Zu Lëtzebuerg gëtt et leider nach keen nationaalt Gesetz, dowéinst ass et ëmsou méi wichteg, dëst Thema op kommunalem Niveau unzegoen. D'Gemeng Walfer ass schonn op dese Wee gaangen a stellt zënter e puer Méint ënnerschiddlech Produiten (Tamponen, Binden a Menstruationstasen) an hëlzene Periodekëschten zur Verfügung an huet bis ewell ganz gutt Erfahrungen domat gemaach.

Vu dat den Aarmutsrisiko och zu Lëtzebuerg an deene leschte Jore weider geklommen ass, Mentruationsartikele kee Luxus sinn an d'Thema vun der Menstruatioun enttabuséiert muss ginn, hu mir de Schäfferot opgefuerdert, och déi ëffentlech Gebaier hei an der Gemeng mat gratis Menstruationsproduiten ze equipéieren. Mir sinn immens frou, dat dës Motioun ugeholl gouf an d'Gemeng Leideleng mat op dese progressive Wee geet. Mir sinn awer och frou, dat d'Motioun selwer ëffentlech am Gemengerot an net hannert zouenen Dieren diskutéiert gouf. Dat genau dës ëffentlech Debatt vu Membere vum Schäfferot kritiséiert gouf, weist dass d'Reegel fir vill Leit leider nach ëmmer e groussen Tabu ass an dat, obwuel dëst d'Thema ronn d'Hallschent vun der Bevëlkerung betrëfft.

La menstruation n'est pas un luxe : Articles d'hygiène féminine gratuits dans les bâtiments publics de Leudelange

L'année passée, l'Écosse a comme premier pays au monde adopté une loi, rendant obligatoire la mise à disposition gratuite d'articles d'hygiène féminine dans les bâtiments publics. Ainsi, l'Écosse a instauré un nouveau droit fondamental essentiel pour l'égalité et la dignité. Il n'est pas rare que surtout des jeunes femmes n'ont pas un accès facile à ces articles indispensables, que ce soit par manque de moyens financiers ou par honte. Il n'est pas exceptionnel que, surtout auprès des jeunes femmes, les règles surviennent de manière inattendue et que celles-ci n'ont pas un

article adéquat à leur disposition et dans le besoin doivent avoir recours à d'autres moyens, ce qui génère non seulement un sentiment de détresse mais également un sentiment de honte.

Au Luxembourg il n'y a malheureusement pas encore de telle loi, raison pour laquelle il est d'autant plus important d'aborder ce sujet au niveau communal. La Commune de Walferdange fournit depuis quelques mois divers produits d'hygiène féminine (tampons, serviettes hygiéniques et coupes menstruelles) dans des

boîtes en bois spécialement créées à cet effet et a fait de bonnes expériences jusqu'à présent.

Vu que le taux de risque de pauvreté a augmenté ces dernières années, que les articles d'hygiène féminine ne sont pas un produit de luxe et qu'il est important de détabouiser le sujet de la menstruation, nous avons invité le collège échevinal à mettre à disposition gratuitement des articles d'hygiène féminine dans les bâtiments publics à Leudelange. Nous saluons que cette motion ait été adoptée à l'unanimité et que la

commune est prête à suivre cette voie progressiste. Nous saluons également que cette motion fût discutée en séance publique au sein du conseil communal et non pas derrière des portes fermées. Le fait que ce débat public a été critiqué par des membres du collège échevinal, montre que la menstruation reste un grand tabou pour beaucoup de personnes, malgré le fait que ce sujet concerne la moitié de la population.

Nathalie Entringer

 Zesumme fir Leideleng
www.zesummefirleideleng.lu

Är Verrieder am Leidelenger Gemengerot

 Vos représentants au sein du conseil communal de Leudelange




Marcel Jakobs
66 Joer / 66 ans
Staatsbeamten a.P. /
Fonctionnaire d'État e.r.
marcel.jakobs@leudelange.lu

Patrick Calmus
53 Joer / 53 ans
Enseignant am
Secondaire /
Enseignant au
secondaire
patrick.calmus@leudelange.lu

Jean-Pierre Roemen
25 Joer / 25 ans
Jurist
Juriste
jean-pierre.roemen@leudelange.lu

Lou Linster
29 Joer / 29 ans
Ingénieur-conseil
lou.linster@leudelange.lu

Hutt dir Loscht, lech an der Lokalpolitik ze engagéieren?
Dann zéckt net a schreift eis eng E-Mail op:
lou.linster@leudelange.lu.

 Vous désirez vous engager dans la politique locale?
Alors n'hésitez pas et envoyez un mail à lou.linster@leudelange.lu.